

14. Aqua Nordic Walking Cours



MS-Lëtzebuerg organiséiert en neien **Aqua Nordic Walking cours** an der PIDAL zu Walfer, méindes vun **18:30** bis **19:30**

vum 21. September bis de 30. November 2015. Et ass Cours den 21.9., 28.9., 5.10., 12.10., 19.10., 26.10., 9.11., 16.11., 23.11. an den 30.11.



Jiddereen kuckt dann, je no Dagesform an no sengen Capacitéiten, matzemaachen ënnert der Leedung vun engem geschoulte Schwammmeeschter. Et muss een awer bedenken dass eng ze grouss Belaaschtung z'evitéieren ass, an dass een net all Kéier all d'Übunge muss matmaachen. Et kann een och, wann ee midd ass oder gëtt sech um Bord vum Baséng raschten.

Wann dir wëllt matmaachen, dann iwwerweist bis Ufank September 50.-€ fir 10 Coursen op den **CCP LU73 1111 0668 8249 0000** vun MS-Lëtzebuerg, mat der Mentioun ANW-COURS.

NEI – NEI – NEI – NEI – NEI – NEI – NEI – NEI – NEI – NEI – NEI – NEI –

Duerch d'Ënnerstëtzung vun engem Sponsor ass et eis méiglech dës Cours zum Präis vu 50.- € unzebidden! De Comité vun MSL huet och decidéiert dass dem/r MS- Betreffenem/r säi Begleeder gratis duerf matmaachen. W.E.G. d' Nimm mat der Info Begleeder op d'Iwwerweisung schreiwen.

WICHTEG: SPONSORE GESICHT FIR WEIDER EN ATTRAKTIVE PRÄIS KËNNEN UNZEBIDDEN!!!!!!

Fir weider Froen un d'Sekretariat: (Tél.: 26 61 05 56) oder e-mail: info@msweb.lu